Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Hl. Franz vun Assisi
Péiteng

Chronik vun de Péitenger Scouten

1925-2000

1925 Op d'Dränge vu verschidde Membre vum „Jünglingsverein“ grënnen de Paschtouer Lucien Schaack an de J. Maurice Gillain, franséischen Ex-Militär an éischte Scoutsmaster, eng kathoulesch „Boy-Scout“-Sektioun. De Sektiouns-Comité fuerdert den Elteren hir Ënnerschréft fir an d'Scouten anzetrieden. Et hu sech gemellt:
Weiler Pierre, gestuerwen am KZ.
Weiler F.,
Tockert P.,
Tockert A.,
Feiereisen E.,
Gansen Mathias,
Junker Arthur, zënter 1938 Missionär zu Koromira, Salomoninsel, Bougainville,
Martiny J.P.,
Mostert Th.,
Poos J.P.,
Scheuer J.,
Scharres Jules,
Schweigen A.,
Schockert J.B.
De Maurice Gillain an de Mainz Paul gi mat der Leedung chargéiert, Aumônier gëtt den Abbé Lucien Schaack.
De Foulard ass hallef blo an hallef orange.

17.6.1925 D'Trupp gëtt offiziell als Sectioun vun de „Letzeburger Scouts“ unerkannt.

23.08.1925 Den éischte Fändel gëtt ageseent. En ass rout-wäiss-blo, huet op enger Säit de Veräinswope mat der Opschréft „Boy-Scouts Pétange“ an op der anerer Säit d'Fleur-de-lys.

Am Ufank hunn d'Aktivitéite sech op Sport a Marschübunge beschränkt, mä no an no hunn déi deemoleg Chef op Schoulcampingen, wéi et déi Zäit geheescht huet, sech déi néideg Scoutstechniken ugëeegent.

1926 D'Trupp huet elo schonn 24 Member.
Eng Wëllefcherssectioun gëtt gegrënnt, déi awer no 2 Joer erëm opgeléist gëtt well kee gëeegente Chef ze fannen ass.

	Duerch Kontakter mam Maristeklouschter vun Differt kënnt e neien, echte Scoutsgeescht an d'Sectioun an d'Chef kruten duerch de Pater Giraudet, deen duerch seng Tätigkeet bei de „Scouts de France“ gutt beschloe war a spéider och Member vun eiser Trupp gëtt, eng grëndlech Ausbildung.
12.2.1926	Éischte Camping, sou onwahrscheinlech wéi et kléngt gläich zu zu Nice an zu Monaco, ënnert der Leedung vum Mainz Paul.
	Zweete Camping zu Useldeng mat 18 Scouten.
Juni 1926	Déi jonk Trupp huet den éischte Stierffall ze bekloen: Poos J.P.
Sept. 1926	D'Trupp besteet aus 24 Mann.
18.2.1927	Duerch verschidde Mëssstänn, eng ze stramm Scoutsdisziplin an eng konsequent Scoutsformatioun verloossen 7 Member d'Trupp.
Abrëll 1927	Nationale Schoul-Camping zu Dikrech ënnert der Leedung vun der Péitenger Sektioun.
	D'Trupp weit sech der Tréischterin am Leed a nennt sech elo „Troupe Ste Marie“.
	2 Chef bedeelege sech u Chefcoursen am Camp-école vun de Scouts de France zu Chamarande bei Paräis.
	Niewent der charakterlecher a physescher Formatioun gouf vill Wäert op en intensivt reliéist Liewen an der Trupp geluecht. D'Scouten hunn deemools de Scoutismus als Schoul vum Apostolat ugesinn a si hu getruecht duerch hiert Liewen iwwerall d'gutt Beispill ze ginn. Haart Ustrengungen an Affer si verlaangt ginn.
1928	Memberzuel: 17 Bridderlecht Zesummeschaffe mat de Nopeschsektiounen vu Rodange, Athus a Lonkéch.
1929	Memberzuel: 14
1930	Memberzuel: 19
8.-15.9.30	Pilgerfahrt op Lourdes mat Camping.
1930 / 31	Aktivitéite vun der Sectioun:

- 68 Veräinsowenter,
- 84 Patrulleversammlunge pro Patrull,
- 15 Excursiounen a Sortieën,
- 4 Verspriechensfeieren,
- 7 Campénger (dovun 1 zu Lourdes),
- Chrëschtfeieren,
- Bedeelegung u Kantonal- a Verbandsdeeg,

- reliéist Liewen: monatlech Kommunioun (100% Bedeelegung),
  Retraite,
  Bedeelegung um Parliewen.

1931 Memberzuel: 22

Den Assistent-Scoutsmaster Di Marco an de Patrullechef Rasquin R. maachen hir
1.-Klass-Reess, déi éischt an der Geschicht vun der Péitenger Trupp.

Pilgerfahrt op Roum.

Sep. 1932 Den Aumônier, den Abbé Schaack gëtt Paschtouer zu Capellen genannt. Säi Nofolleger gëtt den Abbé H. Schumacher.

11.05.1933 gëtt d'Sektioun an 3 Branchen opgedeelt. Et entsteet e Roverclan (7 Rover), eng Scoutstrupp (6 Scouten) an eng Wëllefchersmeute mat 48 Wëllefcher.
Leedung vun der Sectioun: H. Schumacher, Aumônier a J. Maurice Gillain, Sectiounsmaster.

1934 wiesselt den Aumônier: Den Abbé H. Schütz betreit elo d'Sektioun.

Eise laangjährigen Sektiounsmaster Maurice Gillain, deen an der Tëschenzäit zum Distrikts-Commissaire ernannt gouf, trëtt seng Charge un de Metty Hens of.

Dez. 1934 D'Sektioun huet 9 Rover, 13 Scouten a 24 Wëllef.

27.-28.7.35 D'Sektioun feiert, ënner Undeel vun de lokale Veräiner an auswäertege Sectiounen, hiert 10-jäeregt Stëftungsfest.
Grousse Camp um „Réimerhaff". Programm: Lagerfeier, Concours, Verspriechensfeier, Cortège a Receptioun am Turnsall.
D'Sektioun „Ste Marie" besteet aus 22 Wëllefcher, 23 Scouten an 10 Rover ënnert der Leedung vun:
Abbé J. Schütz, Aumônier,
Math. Hens, Scoutsmaster,
J. Fisch, Rovermaster,
Raym. Polfer, Wëllefchersmaster,
J.-P. Hengen; Instrukter

1936 D'finanziell Situatioun ass äusserst kritesch.

1937 Weltjamboree zu Vogelensang an Holland. D'Péitenger Sektioun ass mat 9 Scouten a Chef vertrueden.

1938 No engem kuerzen Interim vum Maurice Gillain gëtt de Raymond Polfer Sektiounsmaster.

1939	Beim Ausbroch vum 2. Weltkrich zielt d'Sectioun 21 Rover, 7 Scouten, 37 Wëllefcher; donieft 11 Old-Scouts, 20 Member vum Comité-protecteur an 85 Éieremember. Leedung: Abbé J.-P. Belche, Aumônier, Raym. Polfer, Scoutmaster, Pierre Hahn, Assistent-Scoutmaster, Léon Snel, Rovermaster.
1940	Am August 1940, e puer Deeg virun der Veruerdnung vum Gauleiter Simon iwwer d'Opléisung vun den Organisatiounen, beschléisst de Sectiounsrot d'Opléisung vun der Sectioun „Ste Marie“ fir esou dem verhaasste Preiss hiert Verméigen z'entzéien. Offiziell besteet keng „Ste Marie“ méi, mä d'perséinlech Kontakter bleiwen awer bestoen a verschidde Rover a Chef schléisse sech der Resistenzorganisation LS, spéider LVL, un. Wéi duerchgräifend hir Aktivitéit ass beweist nach haut e Bericht vum „Ortsgruppenleiter“ St., an deem hie fuedert dass d'Membre vun der fréierer Scoutsectioun a vum Jünglingsveräin „in einem Arbeitserziehungslager zu verbringen sind“.
4.10.1941	Déi éischt Verhaftungen: 4 Mann ginn op Hinzert verschleeft, anerer ginn zu Esch/Uelzecht an der Villa Seligmann drangsaléiert a nach anerer verschwannen iwwert d'Grenz. 16 Rover a Scoute ginn an d'Wehrmacht gezwongen. Gestuerwe fir d'Heemecht sinn: Pierre Weiler, gest. am KZ Auschwitz den 26. Nov. 1942 Nicolas Hahn, gefall bei Orell den 40. Juli 1943 Marcel Hochstrass, gefall bei Alt-Thann den 12. Dez. 1944 Vermësst sinn: André Hengen. Norbert Reiter, Henri Feller; Alfred Michels, Josy Perrard.
Am Krich	Zu Hinzert am KZ hun de Léon Snel (LS) an de Jos Wengler (FNEL) zesumme gelidden a sie hu sech d'Fro gestallt ob d'Rivalitéit tëscht de Péitenger LS an der Péitenger FNEL, déi bis dohi bestanen huet, iwwerhaapt néideg war a sie hunn decidéiert, wa sie je erëm eng Kéier heem kéimen, dës Rivalitéit ze begruewen an als eenzeg Péitenger Scoutstrupp ze fusionnéieren.

Okt. 1944 No der Liberatioun gëtt ënnert dem Numm Union Nationale „Péitenger Scouten“ e neie Veräi gegrënnt dee bestrieft ass d'Péitenger an all Lëtzebuerger Scouten ënnert dem nationale Gedanken ze eenegen. An der éischter Versammlung ware ronn 100 Jonge present.

Leedung: Wëllef: Pirsch Raym.
Assist.: Rasquin Raym.
Keiser Léon
Peiffer Jos
Scouts: Hengen J.P.
Assist.: Polfer Jules
Hastert Raym.
Rover: Snel Léon
Assist.: Peiffer Jules

E nei Fändel mat de Landesfaarwe gëtt ugeschaaft.
Dës Unioun gëtt am Summer 1945 erëm opgeléist op Drock vun de nationale Verbänn FNEL an LS.

1945 Nom Krich fänken d'Schwëstere Funk mat enger Guidesektioun zu Péiteng un an et gëtt versicht fir sie un d'Scoutssektioun unzeschléissen.
Dat selwecht Joer hate mir och déi éischt Cheftaine bei de Wëllefcher

13.07.1945 gëtt d'Sektioun „Ste Marie“ erëm nei gegrënnt an dem Verband vun de Lëtzebuerger Scouten ugeschloss. D'Memberzuel ass héich: 32 Wëllefcher, 70 Scouten an 20 Rover.

Leedung: Abbé J.P. Belche, Aumônier,
Mathias Hens, Sektiounsmaster
Snel Léon, Roverchef
Peiffer Jos, Roverchef-Assistent
Keiser Léon, Scoutsmaster
Colas Ady, Scoutsmaster-Assistent
Jann Roger, Scoutsmaster-Assistent
Joffer Junk, Wëllefcherscheftaine

D'Scoute fänken un Theater ze spillen an d'Buerg ze brennen; Aktivitéiten déi haut nach all Joer organiséiert ginn.

An der aler Meederchersschoul gëtt e Scoutslokal an eng Roverbud mat Wëllefchersall ageriicht. Den ale Plang, en eegent Heem ze schafen, gëtt erëm opgegraff.

1946 Enn des Joeres gëtt eng A.s.b.l. Gegrënnt, déi d'Problem vun dem eegenen Heem léise soll. Bis dohi waren d'Scouten ënnerbruet:
virum Krich 1. am Spidol St. Joseph,
2. ënnert dem Daach vun der Kaplounswunnéng,
3. iwwert der Garage vun der Épicerie Kremer an der Adolphe-Stooss,
nom Krich 4. an der aler Schoul an der Gillardin-Strooss, niewent dem Paschtoueschhaus,
5. an der „neier“ Schoul.

1945 – 1948 D'Nowierkunge vun de Krichsjore maachen eng nohalteg Erzéiungsaarbecht schwiereg. Et feelt u Chefformatioun an trotz Retraite, Formatiounscamp a Versammlungen geet d'Memberzuel zeréck.

1947 Ukaf vun engem 33 Ar groussen Dennebësch um Fouss vum Prënzebierg fir e Chalet ze bauen. Fir d'Finanzement vum Projet gi sougenannte „Bausteng" verkaaft.

1948 Schonn am Mee gëtt mam Bau vum Chalet ugefaangen, deen am Summer, dank der Ënnerstëtzung vu generéise Frënn, déi Zillen a Leeë geschenkt hunn, am Réibau fäerdeg ass a schonn am Wanter fir d'Versammlunge benotzt gëtt. Wat de Bau méi an d'Luucht geet, wat d'Memberzuel méi erof geet.

Juni 1949 D'Sectioun Ste. Marie besteet aus 12 Rover, 12 Rover-Kandidaten,14 Scouten an 10 Wëllefcher, ënnert der Leedung vun:
Abbé J.P. Belche, Aumônier,
Pierre Hahn, Sektiounsmaster
Nicolas Harles,
Marcel Steimenz,
Léon Snel,
Jos Peiffer,
Mathias Gansen,
Jules Polfer.

16.-17.07.49 Aweiung vum neie Chalet a vun der Gedenk-Kapell fir d'Krichsaffer vun der Sektioun.

Well d'Bauaarbechten, déi zum gréissten Deel selwer ausgefouert goufen, verständlecherweis vill Zäit an Usproch geholl a vill Energie kascht hunn, blouwen d'Scoutsaktivitéiten op e Minimum beschränkt. Dat huet mat sech bruecht dass d'Memberzuel lues, awer sécher, erofgaang ass. Deen Trend konnt awer nom Ofschloss vun den Aarbechten erëm ëmgekéiert ginn.

1950 Am sougenannten „Hellege Joer" hunn d'Scouten hannert der Muttergotteskapell d'Karfreidegkräiz, och Missiounskräiz genannt, opgeriicht.

1951 Den Abbé J.P. Belche, eisen Aumônier, gëtt op Fouren versat. Neien Aumônier gëtt den Abbé Marcel Stirn.

6.7.1952 Am Summer sinn e puer Chef mam Vëlo op Wolwen (Wolwelange) gefuer fir do e Camping virzebereeden. Tëscht Pärel (Perlé) a Wolwen goufe si vun engem Donnerwieder iwwerrascht. De Pierre Angel gouf vum Blëtz erschloen. Hie gouf de 9. Juli begruewen.

1952 Am Laf vun dësem Joer konnt de Rescht vun der Schold zeréckbezuelt ginn.

1953 Op Halleffaaschten zéien d'Scouten, verkleed, mat der Péitenger Musek duerch d'Stroosse vu Péiteng. Dëst ass den Ufank vun der Pétenger Cavalcade.

D'Rover starten d'Niklosentreprise, déi jorelaang gelaf ass. Sie sammele Spillsaachen déi net méi gebraucht ginn, reparéieren se a sträichen se frësch u wa néideg a gi mam Kleeschen op Itzeg an d'Kannerheem St. Joseph fir do de Kanner eng Freed ze maachen. D'Aktioun war esou erfollegräich dass d'"Revue" et derwäert fonnt huet e Reportage driwwer ze publizéieren.

Um internationale Rovermoot zu Kandersteg (CH) sinn 7 Péitenger Rover derbäi.

D'elektresch Versuergung vum Chalet, déi bis dohi vun engem Gläichstrom-Grupp am Keller beliwwert gouf, gëtt op 220V-Wiesselstroum ëmgebaut. Dofir setzen d'Scouten hëlzen Elektrizitéitsmasten an zéien eng Freileitung vum Réimerhaff bis an de Chalet.

05.09.1953 gëtt um Prënzebierg de „Clan vun den ale Scouten" gegrënnt mam Zweck:
- all déi „al" Rover an engem separate Clan zesummenzefaassen,
- dësem Clan ee Programm ze ginn, deen hirem Alter, hirem Familjestand an hirer beruflecher Situatioun ugepasst ass. Sie hunn hir eege Statuten a schléissen eng Conventioun mat der aktiver Sektioun of fir d'Zesummenaarbecht op lokalem Plang ze regelen. Dës Statuten an d'Conventioun bleiwe bestoe bis 2013, wou se aktualiséiert ginn.

1954 Déi nei elektresch Leitung fir d'Geliichts am Chalet gëtt a Betrib geholl.

1955 D'Sektioun féiert, mat grousem Succès, d'Passiounspill an de Stroosse vu Péiteng op. Ronn 60 Persounen hunn dobäi matgewierkt.

D'Péitenger Wëllefcher kréien den „Éieremast". Dat ass eng national Auszeechnung, déi vum Verband vun den LS deem beschte Wëllefchersruddel vum läschte Joer zougedeelt gëtt.

De kanadesche Generol Daniel Spry, Direkter vum internationale Scoutsbüro zu London, ass zu Besuch am Chalet.

1956 Nationale Wëllefchersrallye zu Péiteng um Prënzebierg. An deem Kader besicht de Chef-Scout, deemools nach Prënz Jean, eise Chalet an de Wëllefchersrallye.

Um Prënzebierg gëtt niewent dem Chalet en zweete Bau opgeriicht, de „Schapp", dee geduecht ass fir Material a Geschir ënnerzestellen a gläichzäiteg als klengen Atelier dénge soll. Sämtlech Aarbechte gi selwer ausgefouert.

1.1.1957 De „Clan vun den ale Scouten" schléisst sech der nationaler Federatioun vun den erwuessene Scouten un, nennt sech vun elo un „Guilde Ste. Marie" a gehéiert der grousser Weltorganisatioun „International Fellowship of Former Scouts an d' Guides" un.

1958/59	De Verband lancéiert de Mot d'ordre: B.A. Missionnaire. Déi Péitenger Scouten hunn dobäi gutt geschafft a si gi am Rapport um Chaefdag 1959 extra ernimmt. Och eis fréier Wëllefcherscheftaine Maria Reiles, déi als Schwëster an de Missiounen ass, konnt mat engem namhafte Betrag ënnerstëtzt ginn.
1959	D'Guilde riicht niewent dem Schapp eng Spillplaz op, iwwregens déi éischt zu Péiteng.
29.11.1959	Mass fir de verstuerwene fréiere Sektiounsmaster a Matgrënner Maurice Gillain.
1.1.1960	D'Sektioun besteet aus 13 Rover, 30 Scouten, 30 Wëllefcher an 35 Guildemember. Zesummesetzung vum Sektiounsrot: Abbé Marcel Stirn, Aumônier, Pierre Hahn, Sektiounsmaster Marcel Steimenz, Wëllefcherschef (Akela), Member vum Conseil fédéral Didier Fernand, Assistent-Wëllefcherschef (Bagheera), Member vun der Equipe Louvetisme Fernand Morbus, Assistent-Wëllefcherschef (Baloo) Raymond Freylinger, Assistent-Wëllefcherschef Vincent Ceolin, Scoutschef Jean Freylinger, Assistent-Scoutschef Nicolas Harles, Rovercommissaire Jos Peiffer, Distriktscommissaire Louis Weber, Roverchef Léon Keiser, Guilde-President Marcel Thoma, Guilde-Vizepresident
1960	Déi éischt Pabeiersammlunge ginn organiséiert, wann och nëmmen onregelméisseg. D'Suen déi erakommen ginn deelweis fir d'Uschafung vun Zelter a Campingsmaterial benotzt.
22.- 29.06.60	35 Joer Péitenger Scouten. Scouts-Woch mat Festversammlung am Home St. Hubert, Internationalt Lagerfeier um Prënzebierg, Jubiläumsmass an der Parkierch, offiziell Receptioun op der Gemeng, Bëschfest beim Chalet mat Concert vun der Péitenger Chorale a Fräiliichtkino.
1964	iwwerhëllt d'Guilde vun den ale Guiden a Scouten d'Lepraaktioun a si ënnerstëtzen duerch d'Sammelen a Verschécke vu Kleeder, Decken, Räis a Seef verschidde Leprastatiounen an Indien, Congo, Senegal, Togo, Uganda a Madagascar.
1968	ass de Chefdag vun de „Lëtzebuerger Scouten“ zu Péiteng.

1973	gëtt op Verbandsniveau d'Guiden- a Scoutsbranche (11 – 17 Joer) opgespléckt: Aus de Guide ginn Aventuren (11 – 14 Joer) a Caravellen (14 – 17 Joer). Aus de Scouten entstinn Explorer (11 – 14 Joer) a Pionnéier (14 – 17 Joer).
1975	Lëschtege Nomëtten zu Ettelbréck an der Maison de Santé, haut „Hopital neuro-psychiatrique“, mat 43 jonke Patienten.
8.05.1975	Coupe du Cinquantenaire - Sortie mat allen Elteren a Frënn vun de Péitenger Scouten, verbonnen mat engem grousse Foussballturnéier.
11.05.1975	Journée du Cinquantenaire - D'Péitenger Scoute feieren hiren 50. Anniversaire. D'Aktivitéite fir dës Feierlechkeete ginn zesumme mat der lokaler Guidesektioun duerchgeféiert. Dës Zesummenaarbecht gëtt duerno weidergefouert well d'Guiden en akute Mangel u Cheftainen hunn. De Péitenger Grupp gëtt doduerch e Pionnéier a Saachen Coeducatioun bei de Guiden a Scouten. De Groupe Ste. Marie, fréier Sektioun Ste. Marie, besteet 1975 aus 34 Wëllefcher, 26 Explorer, 14 Pionéier a 46 Guildemembren ënnert der Leedung vun: Abbé Philippe Barthel, Aumônier, Pierre Hahn, Gruppechef a Responsable vum Chalet Marcel Steimenz, Ass.-Gruppechef, Carlo Peiffer, Wëllefcherschef, Georges Steimenz, Ass.-Wëllefcherschef, Leo Lutgen, Ass.-Wëllefcherschef, Nico Kaufmann, Ass.-Wëllefcherschef, Jean Bertemes, Ass.-Wëllefcherschef, Florent Feller, Explorerchef, Roby Guirsch, Ass.-Explorerchef, Marco Quintus, Ass.-Explorerchef, Georges Helm, Ass.-Explorerchef, Jacques Krecké, Pionéierchef, Léon Snel, Guilde-President.
1980	proposéiert de Verband dem Péitenger Grupp d'Administratioun an den Ënnerhalt vum Site „Kuelbecherhaff“ bei Huelmes. Dëst Haus mat Terrain ronderëm gehéiert dem Staat a gouf dem Verband zur Verfügung gestallt fir Weekender a Campinger ofzehalen. Eng Equipe déi haaptsächlech aus Guildemembre besteet, bekëmmert sech ëm de Site ënnert der Leedung vum Marcel Steimenz.
1988	D'Péitenger Guiden a Scouten ënnerstëtzen e Projet am Senegal duerch Actioune fir Suen eranzekréien, an eenzel Membre schaffen am Senegal mat.
1991	Gemeinsame Chefdag vun de Verbänn „Lëtzebuerger Guiden“ a „Lëtzebuerger Scouten“ zu Péiteng. Hannergrond: Méiglech Fusioun vun deenen 2 Verbänn.

1992 Membre vun de Péitenger Guiden a Scouten bedeelege sech un enger Actioun fir Kanner aus de Regioun Tschernobil, no der Reakterkatastroph, zu Lëtzebuerg eng Vakanz z'offréieren.

15.05.1994 Fusioun vun de Verbänn „LG“ an „LS“ zum neie Verband „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“.

1995 Aus de „Guides Sainte Cécile“ an de „Scouts Sainte Marie“ entsteet de neie Grupp „Lëtzebuerger Guiden a Scouten Péiteng Hellegen Franz vun Assisi“. D'Wiel fällt op dësen Hellegen well hien d'Idealer Respekt vu Natur an Ëmwelt an einfacht Liewen, verkierpert.

1999 gëtt sech Gedanke gemeet iwwert eng B.A. fir d'75. Joerfeier. D'Decisioun ass séier gefall, wéi si gewuer gi sinn dass d'Muriel, e klengt Meedche vun 18 Méint mat engem Häerzfeeler duerch eng Transplantatioun ka gerett ginn. Dës Operatioun ka nëmmen an den USA gemeet ginn an dat kascht esou vill Geld dat d'Eltere net opbrénge kënnen. De Grupp hëlleft hinnen duerch en Don aus der Gruppekeess engersäits an duerch e Bankeprêt anerersäits, deen duerch Aktivitéiten a Spenden zeréckbezuelt gëtt.

2000 75 Joer Péitenger Guiden a Scouten

8.7.2000 Kranznéierleeung beim „Monument aux morts“.
Jubiläumsmass an der Péitenger Parkierch.
Offiziell Receptioun vun der Gemeng.

9.7.2000 Feier vun de Memberen beim Scoutschalet um Prënzebierg.

Referenzen:

1. 1949: „Chronik“. Artikel aus der Brochure bei Geleeënheet vun der „Inauguration du parc scout Prënzebierg les 16 et 17 juillet 1949“ vun der Sectioun Ste. Marie Péiteng.
2. 1957: „Guilde Ste Marie Pétange“. Brochure déi all aktuellen a neie Guildemember iwwerreecht krut.
3. 1960: „35 Jahre katholische Scouts in Petingen“. Artikel am Luxemburger Wort vum 21/06/1960. Auteur: onbekannt.
4. 1960: „35e Anniversaire“. Brochure bei Geleeënheet vum 35. Anniversaire.
5. 1975: „50 Joer Péitenger Scouten“. Brochure bei Geleeënheet vun 50. Anniversaire vum Groupe. Auteur: Groupe Ste. Marie Péiteng.
6. 2000: „75 Joer Lëtzebuerger Guiden a Scouten Péiteng“. Eng Chronik vum Groupe Hl. Franz vun Assisi.